

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här  
Ekonomieminister weiderzeleeden.

Aus dem Extrarapport "*Déploiement des réseaux 5G au sein de l'UE: des retards et des questions de sécurité encore sans réponse*" vum EU-Rechnungshaff geet ervir, datt 2019 64 Prozent vun den EU-Bierger (ouni Groussbritannien), Telekommunikatiounsreseae benotzt hunn, deenen hir 4G-Technologie op mannst deelweis op Equipementer vu chineesesche Fournisseuren opgebaut war. Bei der Telekommunikatioun handelt et sech ëm e Schlüsselberäich, souwuel vun der privater wéi och vun der staatlecher Informatiounssécherheet an dem Dateschutz.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomieminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi vill Lëtzebuerger Bierger hu während de Joren 2013-2020 fir déi verschidde Facette vun hirer Telekommunikatioun (Telefon, Handy, Internet asw.) missen op Reseauen zeréckgräifen, déi ganz oder deelweis op chineesescher Technologie opgebaut waren?
- 2) Wéi wäerten dës Zuelen no de Projektione vun der Regierung am Kader vun der Ëmstellung op d'5G-Technologie evaluéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



**Gemeinsam Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro N° 5600 vum 27ten Januar 2022 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser zum Sujet «Équipements chinois dans le cadre du déploiement des réseaux 5G»**

- 1) Wéi vill Lëtzebuerger Bieger hu während de Joren 2013-2020 fir déi verschidde Facette vun hirer Telekommunikatioun (Telefon, Handy, Internet asw.) missen op Reseauen zeréckgräifen, déi ganz oder deelweis op chineesescher Technologie opgebaut waren?
- 2) Wéi wäerten dës zuelen no de Projektione vun der Regierung am Kader vun der Ëmstellung op d'5G-Technologie évaluéieren?

Am Kader vun der digitaler Transformatioun vun eiser Gesellschaft ass et essentiell, dass eis digital Infrastrukturen adäquat ofgesécher sinn. Fir op der Héicht vun den Défien ze sinn, ass et indispensabel, dass d'Cybersécherheitsmesuren op nationalem an europäeschem Niveau kontinuierlech iwwerpréift a reforcéiert ginn.

Am gesetzlechen Kader fir d'Telekommunikatioun ass d'Sécherheet vun den Telekommunikatiouns-Réseauen zënter 2011 fest verankert, a gouf mat der rezenter Transpositioun vum "Code des communications électroniques européen" nach eng Kéier reforcéiert. Eng héich Sécherheet vun den Telekommunikatiouns-Réseauen as also eng etabliert Obligatioun fir all Telekommunikatiouns-Operateur, onofhängeg vun der Origine vu sengen Équipementer. Den Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) verfügt heifir iwwer en dediéierten Cybersecherheits-Département (Service "Network and Information Systems' Security" – NISS) deen d'Mesuren, déi d'Operateuren fir d'Sécherheet vun hire Réseauen huelen, surveilléiert a souwuel präventiv wéi reaktiv contraignant Instruktiounen ausschwätze kann, am Fall wou d'Mesuren, déi en place gesat goufen, nët adäquat sinn. De NISS Departement ass och a regelméissegem Austausch mat den Opérateuren a begleet si bei hirer Risiko-Analyse. Doriwwer eraus huet d'Regierung mat der neier Legislatioun d'Méiglechkeet, streng Mesuren ze huelen, déi och de geziilte Verbuet vun eenzelen Équipementer ëmfaasst, am Fall wou eng eescht Menace fir déi ëffentlech Sécherheet besteet. Dës Measure ass och ee vun den Elementer, mat deenen d'Regierung am Kader vun der europäescher 5G Toolbox zur Ofsécherung vun den Telekom-Infrastrukturen bäidréit.

Dësweideren gëtt am Moment op europäeschem Niveau mat Héichdruck un enger neier NIS Directive geschafft<sup>1</sup>, déi d'Cybersécherheitsmesuren a villen essentielle Secteuren reforcéiert an och d'Sécherung vun der d'Liwerketten aschléisst. D'NIS2 Directive soll sech ënnert anerem op den Telekom Secteur, de Secteur vun den digitalen Infrastrukturen an den digitale Services applizéieren.

Den Informatiounen no, déi dem Medien- a Kommunikatiounsminister virleien, hunn zwee Opérateuren uginn, Équipementer vu chineseschen Hiersteller am Beräich vun den Antennen a Basisstatiounen (dem sougenannte RAN – "Radio Access Network") benotzt ze hunn. Mee bei den zentralen an domat kriteschsten Elementer vun



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère d'État

Le Ministre des Communications  
et des Médias

de lëtzebuenger Mobilfunk-Réseauen, sinn an der genannter Period keng Produite vu net-europäeschen Fournisseuren agesaat ginn. .

Wat d'Situatioun vun de 5G Réseauen ugeet, sou déployéieren d'Mobilfunk-Opérateuren exklusiv 5G Technologie vun europäesche Fournisseuren. Et gëtt och vun der Dynamik profitéiert fir d'Réseauen vun de vireschte Generatiounen mat europäescher Technologie ze erneieren.

Et sief an dem Kader och op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro No 5642 verweisen, déi rezent zu dem Thema informéiert huet.

Luxembourg, le 29 mars 2022

Le Ministre des Communications et des Médias

(s.) Xavier Bettel